N°53
Entrée le 28.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Patienten, déi medezinesche Cannabis brauchen, mussen perséinnlech an eng Kliniksapdikt goen, fir hire medezinesche Cannabis ze kréien. D'Rezepter fir den Cannabis ginn dann och, anescht wéi bei normalen Ordonnancen, iwwer *Carnets à souche* un d'Doktere verdeelt, déi si och mussen zréck schécken un *Division de la pharmacie et des médicaments* fir een neie Block ze kréien.

An der Äntwert op d'Fro 7876 hat déi deemoleg Ministesch erkläert:

> "Laut dem Gesetz vum 19. Februar 1973 an sengem Artikel 30-1, dierfe Betäubungsmëttel nëmmen un Patienten verdeelt ginn, wann dës op engem *Carnet à souches* verschriwwe ginn sinn. Well de Cannabis ënnert d'Betäubungsmëttel fällt, ass de System mat dem Carnet à souches bäibehale ginn."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wäert déi nei Regierung hei Ännerunge virhuelen, fir den Accès zum medezinesche Cannabis fir d'Patienten, déi e verschriwwe kréien, ze vereinfachen? Wäerten Ännerungen um Gesetz vun 1973 virgeholl ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten